Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staats- a Kultusminister souwéi den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Am Kader vun de Manifestatioune fir méi Demokratie an Autonomie kënnt et an der chineesescher Sonderverwaltungszon Hong Kong säit Joren ëmmer rëm zu reng politesch motivéierte Festnamen. Den 11. Mee dunn hunn dës staatlech Repressiounen den emeritéierten, 90 Joer ale Kardinol Joseph Zen Ze-Kiun getraff, deen 2019 um Ufank vun enger Manifestatioun un enger extra dozou entspriechender Andacht deelgeholl huet an deem bei senger Verhaftung notamment duerch säin Engagement fir den "612 Humanitarian Relief Fund" Kollaboratioun mat auslännesche Staate virgeworf gouf. Aktuell waart hien op säi Prozess, deen den 19. September ufänke soll, a krut no Informatiounen déi sech net onofhängeg confirméiere loossen, seng Pabeieren ofgeholl.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung hir allgemeng Positioun zum Fall vum Här Kardinol Zen elaboréieren? Huet si schonn zu Gonschte vum Här Kardinol Zen intervenéiert? Wann net, wëll si dat maachen?
2) Trëtt d'Regierung géintiwwer der chineesescher Regierung fir en Enn vun der politescher Verfollgung vu Geeschtlechen a fir Reliounsfräiheet an?
3) Kéint d'Regierung sech ënnert der Viraussetzung, datt säin héijen Alter déi entspriechend Rees zouléisst, virstellen, dem Här Kardinol Zen zu Lëtzebuerg Asyl unzebidden?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten